

# D'Gemeng Stengefort kritt e neit Gesiicht

*La Commune de Steinfort  
fait peau neuve*



Commune de  
**Steinfort**

#mirsistengefort



## Dat Wichtigst virewech!

Mir sinn houfreg lech déi nei visuell Identitéit vun der Gemeng Stengefort ze presentéieren. Eng nei grafesch Definitioun z'erstellen déi d'Identitéit an d'Valeure vun eiser Gemeng erëmgëtt an d'Diere fir eng zäitgeméiss an effikass Gemengekommunikatioun opzemaachen – dat war e wichtige Defi deen de Schäfferot sech 2022 ginn huet.

Dëse visuelle Wiessel geet Hand an Hand mat der Entwécklung déi eis Gemeng, hier Administratioun an hier Bevëlkerung erlieft an orientéiert sech u Valeuren déi ëmmer méi wichtig ginn: Dynamismus, Integratioun/Offenheet a Nohaltegkeet.

Esou ass déi nei Identitéit net nëmmen e Bild vun der Géigewaart, mee steet fir en Zukunftsbild – Eng Visioun, eng Moderniséierung vun der Gemeng, déi mir zesumme mat eise Bierger an eise Mataarbechter virundreiwen.

## L'essentiel d'abord !

*Nous sommes fiers de vous présenter la nouvelle identité visuelle de la Commune de Steinfort. Créer une nouvelle définition graphique qui reflète l'identité et les valeurs de notre commune et qui ouvre la porte vers une communication communale moderne et efficace, tel était le défi majeur que s'est lancé le conseil communal en 2022.*

*Ce changement visuel va de pair avec le développement que connaît notre commune, son administration et sa population, et s'oriente vers des valeurs qui deviennent de plus en plus importantes : dynamisme, intégration / ouverture et durabilité.*

*Ainsi, la nouvelle identité ne reflète non seulement le présent, mais projette également une image de l'avenir - une vision, une modernisation de la commune que nous voulons construire progressivement et ensemble avec nos citoyens et nos collaborateurs.*

## Wat waren d'Grënn fir dëse „Re-branding“?

De Prozess vum Wiessel ass op zwee weesentlech Ausléiser zréckzeféieren:

- Déi séier Entwécklung, de Wuesstem, de gesellschaftleche Wandel bréngen nei Erausforderungen um Niveau vun der Organisatioun, der Strategie, mee och vun der Kommunikatioun mat sech. Eng zäitgeméiss visuell Identitéit an eng kloer Linn an der Representatioun sollen et der Gemengeverwaltung erlaben méi séier an opméi (relevante) Kanäl ze kommunizéieren an d'Bierger z'informéieren.
- Den zweeten Ausléiser war d'Fro vun der Identifikatioun. Dobäi louch de Fokus drop all Bierger, egalwou se an der Gemeng Stengefort wunnen, mat anzeschléissen an dat an de Virdergrond ze réckelen, wat d'Gemeng a seng Bierger am Kär ausmécht – eng jonk an dynamesch Gemeng, déi de Bléck an Zukunft riicht ouni ze vergiesse vu wou mir hierkommen.

## Quelles sont les raisons pour ce « re-branding » ?

*Le processus de changement a été déclenché par deux facteurs :*

- *L'évolution rapide, la croissance, les changements sociaux et l'évolution de nos valeurs entraînent de nouveaux défis au niveau de l'organisation, de la stratégie, mais aussi de la communication. Une identité visuelle contemporaine et une ligne claire dans la représentation devraient permettre à l'administration communale de communiquer et d'informer les citoyens plus rapidement et par des canaux de communication (plus) pertinents.*
- *Le deuxième élément déclencheur a été la question de l'identification. L'idée est d'inclure tous nos citoyens, peu importe où ils habitent dans la commune de Steinfort, tout en mettant en avant ce qui constitue la commune et ses citoyens en son cœur - une commune jeune et dynamique dont le regard est porté vers l'avenir sans pour autant oublier d'où nous venons.*

### De Schäfferot / Le Collège échevinal

**Sammy Wagner**

Buergermeeschter /  
Bourgmestre

**Andy Gilberts**


Schäffen / Échevin

**Marianne Dublin-Felten**

Schäffen / Échevine



# Commune de Steinfort





D'Bildmark leet sech aus der Silhouette vun der Gemeng Stengefort of an déngt mat senger markanter Form als Bausteen fir déi weider Gestaltung.

*La marque figurative, dérivée de la silhouette géographique de la commune, sert, grâce à sa forme distinctive, d'élément de base pour la suite de la conception.*

D'Gemeng Stengefort setzt sech aus den Uertschafte Stengefort, Klengbetten, Hoen a Grass zesummen. An enger integrativer Approche kombinéiert de neie Logo déi verschidden Dierfer zu enger Eenheet, déi zesumme mat senger Bierger, Veräiner, Commercen an Ëmwelt fir eng modern a familjefrëndlech Gemeng mat héijer Liewensqualität steet. Mat senger roudler Primärfaarf hëlt de Logo Bezug op d'Geschicht vu Stengefort an der Stolindustrie.

*La Commune de Steinfort se compose des localités de Steinfort, Kleinbettingen, Hagen et Grass. Dans une approche intégrative, le nouveau logo unit les différents villages en une unité qui, avec les citoyens, les associations, les commerces et l'environnement, représente une commune moderne et adaptée aux familles tout en garantissant une qualité de vie élevée. Avec sa couleur primaire rouge, le logo fait référence à l'histoire de Steinfort et de l'industrie sidérurgique.*



Detailléiert / Détaillée



Abstraéiert / Abstraite



## E nohaltege Changeement


Nohaltegkeet spillt an dësem Prozess eng zentral Roll. Aus dësem Grond gëtt déi nei visuell Identitéit Schrëtt vir Schrëtt ëmgesat.

Vir onnéideg Offäll ze vermeiden, ginn d'Material an d'Géigestänn déi nach mam ale Logo am Ëmlaf sinn (z.B. Bréifpabeier, Stroosseplacken a weidert Material) als éischt opgebraucht éiert si duerch nei a méiglechst ëmweltfrëndlech Supporten ersat ginn.

## Un changement durable

La durabilité joue un rôle primordial dans ce processus. C'est pourquoi la nouvelle identité visuelle sera mise en place en différentes étapes.

Afin d'éviter les déchets inutiles, les supports encore en circulation portant l'ancien logo (p.ex. : papier à lettres, plaques de rue, autres supports) seront d'abord utilisés avant d'être remplacés par de nouveaux supports durables.



**Och Dir  
sidd en Deel vum  
Changeement!**

**Vous aussi,  
vous faites partie du  
changement !**

#mirsistengefort - Dëst ass méi wéi nëmmen en Hashtag oder e Slogan. D'Gemeng leeft duerch seng Bierger, Dierfer, Veräiner, Commercen an Institutionen an zesammen si mir Stengefort.

Deelt Är Gemeng Stengefort mat eis a benotzt den #mirsistengefort op de soziale Medien!

Wann Dir Froen zu dëser Thematik hutt, mellt iech bei:

#mirsistengefort - C'est plus qu'un hashtag ou un slogan. La commune vit à travers ses citoyens, ses villages, ses associations, ses commerces et ses institutions et ensemble, nous sommes Steinfort.


Partagez votre Commune de Steinfort avec nous en utilisant #mirsistengefort sur les réseaux sociaux !

Si vous avez des questions à ce sujet, n'hésitez pas à nous contacter :

**Commune de Steinfort**

**Département administratif -  
Service Relations publiques**

service-pr@steinfort.lu  
Tél.: (+352) 39 93 13 266






## Commune de Steinfort

4, Square Patton  
L-8483 Steinfort

Tel.: (+352) 39 93 13 1  
info@steinfort.lu  
**steinfort.lu**  
**#mirsistengefort**



Version EN | PT